ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Februar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Wéi d'Regierung an der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 5426 geschriwwen huet, war et op Basis vum Contact Tracing méiglech, bei der Gestioun vun der COVID-Krise verschiddenen Infektiounen engem potenziellen Ursprongsberäich vu gesellschaftlechen Aktivitéiten, an deem Fall dem Sport, zouzeuerdnen. An de leschten zwee Joer wor den ëffentlechen Transport ee vun deene Beräicher, wou am gesellschaftleche Vergläich éischter iwwerflächlech Virsiichtsmoossnamen agefouert goufen, déi doriwwer raus och kaum gewiesselt hunn.

Grad am ëffentlechen Transport ass awer dovun auszegoen, datt de Geste-Barrière vun der physescher Distanz vun zwee Meter zu de Stousszäiten an och an anere Situatiounen, wéi zum Beispill wa vill Leit matenee erausklammen, well den Zuch Endstatioun op der Stater Gare huet, net kann agehale ginn. Fir datt esou Moossname wéi mir se wärend deene leschten zwee Joer an der COVID-Krise erlieft hunn, vun de Leit iwwerall eegeverantwortlech respektéiert kënne ginn, ass et immanent, datt dës Moossnamen souwuel tëschent deenen eenzele gesellschaftleche Beräicher proportional zueneen, wéi och proportional zu der Gesamtsituatioun stinn.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill zousätzlech Zich a Busse säit dem 1. Mäerz 2020 agesat gi sinn, fir déi physesch Distanz vun zwee Meter am ëffentlechen Transport sou gutt wéi méiglech ze garantéieren?
2) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Infektioune mam COVID-19 säit dem 1. Mäerz 2020 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam ëffentlechen Transport festgestallt gi sinn? Kann d'Regierung eng Grafik presentéieren, déi den zäitlechen Oflaf vun dësen Infektioune säit dem 1. Mäerz 2020 bis zum 31. Dezember 2021 ofbillt?
3) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill vun deene Leit, déi säit dem 1. Mäerz 2020 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam ëffentlechen Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, keng Symptomer haten a wéi vill liicht Symptomer gewisen hunn? Wéi vill vun dëse Leit hu missen hospitaliséiert ginn a wéi vill vun hinnen hu missen op der Intensivstatioun behandelt ginn? Kann d'Regierung den zäitlechen Oflaf vun dësen ënnerschiddleche Verleef unhand vun enger Grafik visualiséieren?
4) Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit déi säit dem 1. Januar 2021 potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam ëffentlechen Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positiven PCR-Test eng éischt Impfdosis, eng zweet Impfdosis oder eng Boosterimpfung (inklusiv deene Leit, déi

eng Dosis vum Johnson & Johnson Vaccin gesprëtzt kruten a jee no Definitioun net als geboostert gëllen) empfaang haten? Kann d'Regierung matdeelen, wéi vill Leit, déi wärend deem genannten Zäitraum potenziell an/oder tatsächlech a Relatioun mam ëffentlechen Transport positiv op de COVID-19 getest goufen, zum Zäitpunkt vum positive PCR-Test nach keng éischt Impfdosis haten a wéi eng Krankheetsbiller sech fir déi jeeweileg Gruppe gewisen hunn? Kann d'Regierung op Basis vun deenen eenzele Grafiken elaboréieren, wéi et méiglech war, wärend der gesamter COVID-Krise speziell am Beräich vum ëffentlechen Transport sou eng grouss Kontinuitéit ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an dem Här Minister vir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 5665 vum 2. Februar 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

D'CFL huet kéng zousätzlech Zich an den RGTR keng zousätzlech Busse agesat, well den Fuerpark esou dimensionéiert war an ass, fir de normalen Horaire domadder ofzedecken.

Am Kader vum Contact Tracing sinn bis elo keng Cluster festgestallt ginn, déi an engem kloeren Zesummenhang mam ëffentlechen Transport hei zu Lëtzebuerg stinn. Et gouf eng kleng Zuel vu Cluster am Zesummenhang mat Busreesen am Ausland, mee dat waren privat organiséiert Reesen, déi sech iwwert Deeg gezunn hunn, wou d'Leit Kontakt ënnerenee haten och ausserhalb vum Transport.

Vun 74523 traitéierten Dossieren wou eng potentiell source d'infection identifizéiert gouf, waren an 46 Fäll eng potentiell Source "Transport Public" uginn, wat 0,06% vun alle Fäll mat potentiellen Sourcen ausmécht. Et handelt sech hei zum groussen Deel ëm Leit déi am Interview gesot hunn, datt sie mengen géifen sech am Transport Public ugestach ze hunn, ouni méi konkret Elementer dofir ze hunn. Bei deenen anere Sourcen (Famill, Schoul, Aarbecht, Sport) besteet an deene allermeeschten Fäll een längeren an direkten Kontakt (ouni Mask an ouni Distanz) mat enger positiver Persoun. Bei dëse 46 Leit ass dat kloer net de Fall. Et gouf keen Kontakt mat enger bekannter positiver Persoun am ëffentlechen Transport, esou dat d'Source "Transport Public" bei dësem Fall nët als fiabel kann agestuuft ginn. Anerersäits kënnen et och Fäll ginn, déi sech effektiv am ëffentlechen Transport ugestach hunn, mee déi dës Informatioun net am Interview weiderginn hunn.

Verschidden Etuden am Ausland hunn d'Roll vum ëffentlechen Transport beliicht. Eng Étude aus China am Ufank vun der Pandemie (Dezember 2019 bis Mäerz 2020) huet gewisen, dat de Risiko fir sech unzestiechen virun allem fir déi direkt Noperen vun positive Fäll am Zuch am héchsten ass[1]. Eng méi rezent Etude vum Institut Pasteur a Frankräich (Mee bis August 2021) huet gewisen, dat Leit déi regelméisseg den ëffentlechen Transport (Bus, Zuch, Tram) notzen, ee méi klenge Risiko hunn fir sech unzestiechen, wéi déi, déi dat net maachen, an dat Alternativen wei den Covoiturage, Taxi, etc. méi een héijen Ustiechungsrisiko duerstellen.[2] D'Ausnahm ass fir déi Leit déi den Metro benotzt hunn, wou effektiv de Risiko méi héich war.

Zesumme gekuckt weisen dës zwou Etuden an d'Donnéeën aus dem Contact Tracing, datt de potentielle Ustiechungsrisiko deen am ëffentlechen Transport bestan huet, duerch Mesuren, dorënner d'Maskepflicht, staark reduzéiert gouf.

Lëtzebuerg, den 21. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert

[1] https://academic.oup.com/cid/article/72/4/604/5877944?login=true

[2] https://www.ncbi.nlm.nih.gov/pmc/articles/PMC8616730/pdf/main.pdf